ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

N° 6090
Reçue le 25.04.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 25.04.2022

Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural, 8
Référence: 270/22
25 AVR. 2022
A traiter par:
Copie à:

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22. Abrëll 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Energieminister an un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

Säit Ufank vum Joer 2019 setzt d'Lëtzebuerger Regierung massiv op d'Förderе vum Biokraaftstoff. An deem Kontext gouf den E10-Bensinn agefouert, deen en Undeel vu Biokraaftstoff vun 10 Prozent virweist. Parallel dozou ginn ëmmer méi Stëmmen haart, déi d'Förderе vu Biokraafststoff ganz kritesch gesinn. Vertrieder vum Pik (Potsdamer Institut für Klimaforschung) kritiséiere virun allem, datt e groussen Deel vun der Fruucht fir d'Produzéiere vu Biokraafstoff benotzt gëtt, amplaz datt dës fir déi mënschlech Ernierung zur Verfügung gestallt gëtt. Grad am Zesummenhang mam Krich an der Ukrain an dem Risiko vun enger Liewensmëttelknappheet stellt sech déi pertinent Fro, ob et iwwerhaapt nach ze vertrieden ass, Fruucht fir d'Hierstelle vu Biokraafstoff ze notzen, amplaz si fir déi prekär Ernierungssituatioun an Europa an/oder Drëttlänner ze notzen.

An deem Kontext hätte mir folgend Froen un d'Regierung:

1. Ass sech d'Regierung där uewe beschriwwener Problematik vum Notze vu Fruucht fir d'Produzéiere vu Biokraafstoff am Kontext vun enger méiglecher Liewensmëttelknappheet bewosst? Wa jo, wéi eng Schlussfolgerungen zitt d'Regierung aus dëser Erkenntnis?
2. Gedenkt d'Regierung an deem Sënn ze legiferéieren, datt zu Lëtzebuerg Fruucht an Zukunft net méi fir d'Hierstelle vu Biokraafstoff genotzt däerf ginn?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

Jeff Engelen
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire **25, Ënneschtgaass · L-2240 Lëtzebuerg** **Tel. : (+ 352) 463742**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Énergie et de
l'Aménagement du territoire

Département de l'énergie

Äntwert vum Minister fir Energie a vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°6090 vum 22. Abrëll 2022 vun den honorabelen Deputéierte Fred Keup a Jeff Engelen iwwert Biokraaftstoffer

1. Ass sech d'Regierung där uewe beschriwwener Problematik vum Notze vu Fruucht fir d'Produzéiere vu Biokraafstoff am Kontext vun enger méiglecher Liewensmëttelknappheet bewosst? Wa jo, wéi eng Schlussfolgerungen zitt d'Regierung aus dëser Erkenntnis?

Schonns an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°3943 vum 25. Mäerz 2021 vun dem honorabelen Deputéierte Mars Di Bartolomeo iwwert Biokraaftstoffer ass déi Thematik detailléiert beliicht ginn.

D'Direktiv 2018/2001/UE gesäit vir, dass Biokraaftstoffer aus der sougenannter éischter Generatioun, déi am Wesentleche fir den Zweck vun der Energieproduktioun op Agrarland ugebaut ginn, maximal 7% vum Endenergieverbrauch am Stroossen- a Schinneverkéier däerfen ausmaachen.

D'Regierung huet schonns am Dezember 2019 iwwert d'Accisegesetz festgehalen, dass den Undeel vun deene Biokraaftstoffer net méi wéi 5% däerf ausmaachen a läit also däitlech méi niddereg wéi den Undeel, dee vun der Direktiv virgesinn ass.

2. Gedenkt d'Regierung an deem Sënn ze legiferéieren, datt zu Lëtzebuerg Fruucht an Zukunft net méi fir d'Hierstelle vu Biokraafstoff genotzt däerf ginn?

Wéinst hirem Ëmweltimpakt ënnersträicht d'Direktiv 2018/2001/UE datt den Undeel vun den uewe genannte Biokraaftstoffer, déi och e grousse Risiko duerstelle fir indirekt Veränneruge vun der Land- a Flächennotzung vun 2024 un lues a lues muss reduzéiert gi bis hin op 0% am Joer 2030.

Den Undeel vu deene Biokraaftstoffer gëtt dann och weiderhin déif gehalen a wäert an der Zukunft iwwert d'Accisegesetz kontinuéierlech an am Aklang mat der Direktiv erofgesat ginn.

Lëtzebuerg, den 30. Mee 2022

(s.) Claude Turmes
Minister fir Energie